Lëtzebuerg, den 20. Juni 2019

# D'Versprieche bei den LGS - weiderféirend Erklärungen

**1 Aleedung ... 2**

1.1 Verspriechen allgemeng ... 2

1.2 D'Versprieche beim Baden-Powell - am Déngscht vun enger besserer Welt ... 3

1.3 D'Verspriechen an d'Engagement bei den LGS ... 4

**2 De proposéierte Verspriechenstext ... 4**

**3 Kommentar an Interpretatioun ... 5**

3.1 Verantwortung allgemeng ... 5

3.2 Verantwortung vis-à-vis vu sech selwer ... 5

3.3 Verantwortung vis-à-vis vun deenen aneren an der Ëmwelt ... 5

3.4 Spiritualitéit ... 6

3.5 Nom Guiden- a Scoutsgesetz liewen ... 6

**4.** D'Virbereedung op d'Verspriechen als Demarche an den Akt vum Verspriechen ... 7

**5 Zu gudder Lescht ... 8**

Diskussiounspabeier

# 1 Aleedung

### 1.1 Verspriechen allgemeng

D'Versprieche baséiert op engem bestëmmte Mënschebild. Et ass ee Mënsch, den eenzegaarteg a **fräi** ass an deen '**existéiere**' wëll. Ee Mënsch, deen iwwert sech eraus strieft a sech an d'Zukunft projezéiert.

E **vertraut** dobäi op sech, op d'Hëllef vu sengem Grupp an dorop, datt säin Engagement net ëmsoss ass. E gleeft drun, datt et eng **Zukunft** gëtt, datt eng besser Welt méiglech ass an ee weess och, datt et ouni Engagement net geet.

Duerch Versprieche banne mer eis a brénge Kontinuitéit an eist Liewen. Et entwéckele sech **Identitéit** a **Vertrauenswierdegkeet**. Et geet also ëm d'Verwierkleche vu sech selwer a vu **Bezéiungen**.

D'Hannah Arendt seet dozou:

« *Das Heilmittel gegen Unabsehbarkeit - und damit gegen die chaotische Ungewissheit alles Zukünftigen - liegt in dem Vermögen, Versprechen zu geben und zu halten.* »[1]

Engem Versprieche geet e **Choix**, eng **Entscheedung** viraus. Et geet ëm eppes, wat engem perséinlech wichteg a wäertvoll ass. Ouni **Fräiheet** kann een dofir och net vu Versprieche schwätzen.

Am Versprieche gëtt ee säi **Wuert**, dat entgéint geholl gëtt vun engem Mënsch oder enger Grupp. Si sinn Zeien (*frz. témoin*) dovunner. A ville Situatiounen ziele mer am Liewen drop, datt den Aneren, d'Elteren, d'Erzéier, d'Frënn, d'Politiker hiert Verspriechen anhalen, fir datt mer dem Liewe vertraue kënnen a Sënn fannen.

Am Versprieche gi mer iwwer dat Faktescht, d'Realitéit eraus. Mir transzendéieren eis an eng Zukunft, déi mer net am Grëff hunn. A grad dofir kréie mer Respekt entgéint bruecht: well mer dëst riskéieren, obwuel et heiansdo schwiereg ass.

D'Versprieche weist sech och op politeschem Plang als wichteg fir de Mënsch, wéi d'Hannah Arendt schreift:

« *Denn das Versprechen und die aus ihm sich ergebenden Abkommen und Verträge sind die einzigen Bindungen, welche einer Freiheit adäquat sind, die unter der Bedingung der Nicht-Souveränität gegeben ist.* »[2]

**D'Verspriechen ass also eng Zouso, déi een engem mécht. Et ass eesäiteg oder géigesäiteg. Dobäi äntwert ee perséinlech op eppes, wat erwaart oder erhofft gëtt an zu deem een och steet. Et ass een net gezwongen. Et iwwerhëlt een als eegestänneg Persoun seng Verantwortung. Et ass keen Eed, deen zu eppes 'zwéngt'. Et ass net een einfache Kontrakt, deen ee respektéiert. Et ass och keen einfache Projet, dee virun allem nëtzlech a wichteg ass.**

E Verspriechen ass awer kee Schwur, dat heescht, et behält een awer eng gewësse Fräiheet dëst Verspriechen opzeléisen, wann d'Grondviraussetzungen net méi gi sinn an een dowéinst aus Gewëssensgrënn selwer net méi dozou steet.

All Engagement, all Versprieche kann och eng Flucht sinn. Et besteet d'**Gefor**, datt ee sech enger Iddi oder engem Grupp ënnerwerft an doduerch seng Fräiheet verléiert. E Grupp oder eenzel Persoune kënne

[1] Arendt, Hannah (2002). Vita activa oder vom tätigen Leben München, Piper, S. 301
[2] Arendt, Hannah (2002). Vita activa oder vom tätigen Leben München, Piper, S. 312

Diskussiounspabeier

Verspriechen afuerderen ouni deem Aneren seng Fräiheet ze respektéieren. An deem Fall kann een net méi vu Versprieche schwätzen.

### 1.2 D'Versprieche beim Baden-Powell - am Déngscht vun enger besserer Welt

Als Mënsch goufe mer net gefrot, ob e wëllt liewen. D'Verspriechen ass e Mëttel, wou de Jonke säi **Choix** zum Ausdrock bréngt, datt e wëllt liewen an u sengem Liewensstil **wëllt** schaffen.

« *We must change boys from a 'what can I get' to a 'what can I give' attitude.* »

seet de Baden-Powell. Hie seet och, datt de Scoutissem 'keng moralistesch Kaderschoul' mee e 'grousst Spill' ass. Et ass eng Plaz, e Fräiraum vun Experimentéiere mam Ziel vun 'enger besserer Welt'.

Hie beschreift et folgendermoossen am *'Aids to Scoutmastership':*

« *Scouting, […] is a jolly game in the out of doors, where boy-men*
*and boys can go adventuring together as older and younger brother,*
*picking up health and happiness, handicraft and helpfulness.* »[3]

An dësem Spill kann de jonke Mënsch an engem séchere Kader (am Fräiraum vun engem pädagogesche Jugendmouvement) seng eege **Méiglechkeeten** a seng **Grenzen** erfuerschen an hie kann experimentéieren, wéi d'Realitéit sech entwéckele kéint. Dëst ass net banal, wéi de Friedrich Schiller schreiwt:

« *Mensch ist, und er ist nur da ganz Mensch, wo er spielt.* »[4]

An d'Annemarie Pieper seet:

« *Das Spiel setzt die dem Menschen eigentümliche Kreativität frei.* »[5]

Am Geescht vun den LGS kann ee soen :

*« Die Spiellust ist nicht nur Lust im Spielen, sondern Lust am Spiel,*
*Lust an dem seltsamen Gemisch von Wirklichkeit und Unwirklichkeit. »*[6]

Fir de B.P. sinn d'Verspriechen an d'Scoutsgesetz kee Selbstzweck, mee e **pädagogescht Mëttel** fir dem Jugendlechen ze hëllefen, autonom ze ginn a sech bewosst fir Anerer z'engagéieren a fir selwer **Responsabilitéit** z'iwwerhuelen.

Et geet dem B.P. ëm eng 'auto-éducation du caractère':

« *La méthode consiste à obtenir 'du scout' qu'il développe*
*(les) qualités de lui-même, en vertu d'un désir personnel intérieur et*
*non par un enseignement qui lui serait imposé du dehors.* »[7]

An dobäi geet et dem B.P. doréms:

[3] An der schwäizer Ausgab: Pfadfinderführer (1948), S. 13
[4] Schiller, Friedrich (1975), Über die ästhetische Erziehung des Menschen, Stuttgart, S. 62
[5] Pieper, Annemarie (1997). Selber denken. Anstiftungen zum Philosophieren, Leipzig, Reclam, S.37
[6] Fink, Eugen (1979), Grundphänomene des menschlichen Daseins, Freiburg/München, Alber-Broschur Philosophie, S. 364
[7] Baden-Powell, Robert (1922) L'éducation par l'amour au lieu de l'éducation par la crainte ( Réédition du rapport présenté au III ème Congrès international d'éducation morale, Genève 1 er août 1922, Bureau Mondial du Scoutisme (2007), S. 10

Diskussiounspabeier

« *Il faut un nouvel esprit dans le monde.* »[8]

### 1.3 D'Verspriechen an d'Engagement bei den LGS

Bei den LGS schwätze mer am Allgemenge vum Verspriechen, well de Jonken an der Entwécklung ass an dem Grupp 'ver-sprécht' an der **Zukunft** u sech ze schaffe fir d'**Idealer vum Scoutissem** ze liewen. De Grupp versprécht sengersäits, hien op sengem Wee ze begleeden.

Mat Momenter, dëst besonnesch an den ieweschte Branchen, ass den Aspekt **Engagement**[9] wichteg. De Jonken ass sech do schonns méi bewosst, wéi e sech a bestëmmte Situatioune konkret kann engagéieren, fir eppes ze änneren. Woubäi d'Aktioun vum Engagement ëmmer op engem Versprieche baséiert, 'mengem Wuert, dat ech ginn', op eng oppen Zukunft hin.[10]

## 2 De proposéierte Verspriechenstext

**Ech verspriechen,**

**Verantwortung vis-à-vis vu mir,**

**menge Matmënschen a menger Ëmwelt z'iwwerhuelen,**

**meng perséinlech Spiritualitéit weider z'entwéckelen**

**a nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.**

D'Iddi ass, datt mir als Verband een **eenheetlechen** Text hunn, dee fir jidderee gëlteg ass.

Dofir muss en och méiglechst **kuerz** a sproochlech **einfach** gehale ginn, fir datt Kleng wéi Grouss doropper opbaue kann. Jee no Branche, Glawen an Ëmfang vum Versprieche soll et jidderengem méiglech sinn, baséierend op dësem Basistext, säi perséinlecht Verspriechen ze formen.

Aus dem Grond muss de Basistext vum Versprichen **oppe** si fir all Mënsch, Relioun a Glawensrichtung a muss trotzdeem déi **gemeinsam Wäerter** vum Scoutissem erëm ginn.

Diskussiounspabeier

[8] Baden-Powell (1922) L'éducation par l'amour au lieu de l'éducation par la crainte ( Réédition du rapport présenté au III ème Congrès international d'éducation morale, Genève 1 er août 1922, Bureau Mondial du Scoutisme, 2007, S. 10
« There is one thing, however, that I feel sure of myself, and this is that **God** is not some narrow-minded personage, as some people would seem to imagine, but a vast **Spirit of Love** that overlooks the minor differences of form and creed and denomination and which blesses every man who really tries to do his best, according to his lights, in His service. Baden-Powell (1922). Rovering to Success. London, A. Robert Jenkins Book

[9] „S'engager" kënnt vun „se donner en gage". Et bedeit dem Wuert no, datt een sech selwer als „Pfand" oder Garantie gëtt. Engagement heescht also, dat ee sech selwer mat senger Perséinlechkeet an all sengen Kompetenzen asetzt.

[10] « L'engagement est ce qui transforme une promesse en réalité. », Jean-Paule Sartre

# 3 Kommentar an Interpretatioun

## 3.1 Verantwortung allgemeng

Verantwortung kënnt vum Wuert '**Äntwert**': Et äntwert een op e Besoin, e Mangel u Mëttelen oder Kompetenzen, eng Kris, e Wonsch vu sech selwer oder Aneren.

Zu lescht äntwerte mer dobäi och op en Appell vun engem anere Mënsch, enger reliéiser oder philosophescher Iddi respektiv eisem Gewëssen.

An der Philosophie vun den LGS gëtt de Jonken och eegestänneg, well ee Verantwortung iwwerhëlt. (Emmanuel Levinas)

## 3.2 Verantwortung vis-à-vis vu sech selwer

Trotz allen äusseren a perséinleche Grenze geet et den LGS hei ëm e fräie Mënsch, dee säi Liewe selwer matbestëmmt.

Dëst geschitt op alle Gebitter: Gesondheet, Entwécklung vum Gewëssen, sozial a politesch Onofhängegkeet, Distanz zu sech selwer, ...

De Jonke bei den LGS ass een, deen zesumme mat aneren denkt, dee selwer nodenkt fir d'Komplexitéit vun der Welt an hir Problemer besser ze verstoen an deementspriechend ze handelen.

De Jonken entwéckelt sech zu engem **autonome Mënsch**, dee selwer verantwortlech entscheede kann, wéi ee säi Liewen orientéiert. Dozou gehéiert, datt en dru schafft fir en **oppenen, fräien a verantwortungsvolle Mënsch** ze ginn an och ze bleiwen.

## 3.3 Verantwortung vis-à-vis vun deenen aneren an der Ëmwelt

Dem Baden-Powell goung et ëm Hëllefsbereetschaft vis-à-vis vum Mënsch, deen ee brauch. Dëst reduzéiert sech net nëmmen op eenzel Mënschen, mee och op **Kollektivitéiten**: déi kleng Gemeinschaften, déi national Gesellschaft a schlussendlech d'Weltgesellschaft.

Dës **Hëllef** geschitt kollektiv an och individuell.

Domadder wëllen d'LGS Kanner a Jugendlech erzéien an ee gewëssen Egozentrismus iwwerwannen.

De Jonken ass sech haut och besonnëch der **Verantwortung** vum Mënsch fir d'Natur bewosst:

*« Wir sind der Natur gefährlicher geworden als sie uns jemals war. […]*
*wir sind die Gefahr mit der wir hinfort ringen müssen. »*[11]

Dat geschitt do, wou een interesséiert fir déi Problemer ass, déi de Mënsch an d'Ëmwelt hunn, an déi d'Engagement vun eis all fuerderen. Vu klengem un gëtt bei den LGS de **Respekt** an de **Schutz** vun der Ëmwelt vermëttelt a bei deene méi alen kënnt dann d'**Nohaltegkeet** vun eisem Handelen nach derbäi.

Dem Alter entspriechend geet et hei och ëm **Engagement** fir d'Gemeinschaft, an der ee lieft, eng politesch Vue op d'Gesellschaft an deementspriechend Engagementer fir en demokratescht, tolerant a gerecht

[11] Jonas, Hans (1993), Friedenspreisrede in Jonas Hans, Dem bösen Ende näher - Gespräche über das Verhältnis des Menschen zur Natur, Frankfurt am Main, S. 93

Diskussiounspabeier

Zesummeliewen. Dobäi huet de Scout och e Bléck fir déi Matmënschen, déi an eiser Gesellschaft manner Chancen hunn, gehéiert ze ginn an hir Plaz ze fannen. Hien inspiréiert sech um Prinzip:

> *« Handle so, daß die Wirkungen deiner Handlungen verträglich sind mit der Permanenz echten menschlichen Lebens auf Erden. . »*[12]

### 3.4 Spiritualitéit

De Mënsch ass grondsätzlech op **Oppenheet** a **Fräiheet** ugeluecht. Hie kann a muss seng Welt deiten a sengem Liewen eng Bedeitung, Sënn an Orientéierung ginn. Un där Fräiheet an Oppenheet soll hien als eenzelen an als Gemeinschaft ëmmer erëm schaffen. Dat nenne mer eng eegen Spiritualitéit entwéckelen. Et heescht aus engem bestëmmte Geescht eraus liewen. Et ass eng **perséinlech Liewenshaltung** zum Ganzen.

Dobäi inspiréiert hie sech u Reliounen an Weltuschauungen. Hie bënnt sech un **Idealer**, déi him hëllefen sech selwer ze transzendéieren an oppen ze bleiwen fir dat Onbedéngt (Paul Tillich) an fir déi absolut Aneschtheet (frz. altérité absolue), dat Rätselhaft, dat Onverfügbart.[13]

Fir d'LGS sinn dat virun allem d'Idealer vu Fräiheet, Wourecht, Léift, Gerechtegkeet a Respekt virum Liewen an dem Schutz vun der Natur.

Wann déi Liewensprinzipien als onbedéngt gëllen, lieft jiddereen se op seng perséinlech Manéier. Den eenzelne Mënsch muss also u sech selwer schaffen, fir senge **Froen** no Wourecht a Sënn nozekommen an och fir Idealer liewen ze kënnen. Een ass net vum selwen an einfach esou gerecht, léif, feinfühleg, respektvoll, tolerant an op der Sich no Wourecht a Gerechtegkeet.

Dozou brauch een Zäit an Übung, Momenter vu Rou, Echange, Meditatioun, Gebiet, Erliewe vu **Wäerter** an Tugenden (learning by doing), Begleedung ... Dat alles heescht, sech eng perséinlech Spiritualitéit z'**entwéckelen**. Dëse Kader sollen d'Guiden a Scouten dem Jonke ginn.

Den LGS ass déi perséinlech Spiritualitéit wichteg, well se fir den Eenzelen am Grupp eng Method ass, autonom a gemeinschaftlech u sech ze schaffe fir en oppenen a fräie Mënsch ze ginn an ze bleiwen. Et geet drëms, sech ëmmer erëm nei vun der Rätselhaftegkeet vun der Welt, der **Geheimnishaftegkeet** vum Liewen an der Oppenheet vun der Geschicht ergräifen an erausfuerderen ze loossen. Dat, wat mer net ganz an de Gréff kréien, deet ons dreemen, wënschen a sichen. De reliéise Mënsch entwéckelt vun hei aus seng Relatioun zu Gott.

D'Fro vum Sënn vum Liewen hu vill Reliounen a Philosophië versicht ze beäntweren. Fir d'Chrëschtentum, dat wichteg Wuerzele vun den LGS duerstellt, ass den Haaptwäert d'Léift: vu Glawen, Hoffnung a Léift ass d'Léift dat Gréisst. Duerch konkret a reflektéiert **Nächsteléift** (inklusiv Feindesléift) entweckelt sech eng chrëschtlech Haltung.[14] De Message vu Jesus Christus ass eng Erausfuerderung: sech engagéieren ouni Sécherheet, datt et geléngt an datt een onbedéngt eppes dofir zeréckkritt.

### 3.5 Nom Guiden- a Scoutsgesetz liewen

[12] Jonas Hans (1979), Das Prinzip Verantwortung, Frankfurt am Main, Suhrkamp, S. 36.

[13] vgl. Dozou e Buch, wat zum Baden-Powell senger Weltusiicht passt: Harmut Rosa (2018). Unverfügbarkeit. Wien, Salzburg, Residenz-Verlag

[14] « Kommt her, ihr Gesegneten meines Vaters, ererbt das Reich, das euch bereitet ist von Anbeginn der Welt! Denn ich bin hungrig gewesen und ihr habt mir zu essen gegeben. Ich bin durstig gewesen und ihr habt mir zu trinken gegeben. Ich bin ein Fremder gewesen und ihr habt mich aufgenommen. Ich bin nackt gewesen und ihr habt mich gekleidet. Ich bin krank gewesen und ihr habt mich besucht. Ich bin im Gefängnis gewesen und ihr seid zu mir gekommen. », Matthaeus, 25:34-36
« Wir müssen unseren Nächsten lieben, entweder weil er gut ist oder damit er gut werde. », Aurelius Augustinus, 354-430 n. Chr.

Diskussiounspabeier

Nom Verständnis vun den LGS stinn d'Reegelen a Gesetzer am Déngscht vun der Fräiheet vum Eenzelen a vun de Gemeinschaften.

Fir de Baden-Powell ass d'Gesetz kee Katalog vu Verbueter, mee eng **Orientéierung**. Et ass e Kader fir ze progresséieren . Hie schreift an *Aids to the Scoutmastership*:

*« The Scout Law is devised as a guide to his actions,*
*rather than as a repressive of his faults.* »[15]

Schlussendlech ass d'Scoutsgesetz e Kader fir dem Jonken ze hëllefen 'ëmmer bereet' ze sinn, also geeschteg a kierperlech fit ze si fir aneren nozelauschteren, se z'ënnerstëtzten an hinnen ze hëllefen, fir dat Bescht aus enger Situatioun ze maachen.[16]

Sech un d'Scoutsgesetz halen ass e Choix. Jidder Jonken lieft et ob seng perséinlech Manéier.

## 4 D'Virbereedung op d'Verspriechen als Demarche an den Akt vum Verspriechen

Den LGS als Jugendmouvement geet et drëms, beim Jonken

*« Den Trieb zu wecken, für sich selbst , aus eigenem Verlangen*
*das zu lernen, was seinen Charakter bauen hilft.* »[17]

D'Verspriche bei den LGS mécht nëmme Sënn, wann d'Guiden an d'Scouten duerch d'Aktivitéiten erliewen, wéi **wäertvoll** et ass Verantwortung z'iwwerhuelen a wéi wichteg et ass anerer z'ënnerstëtzen a selwer gehollef *ze kréien.*

*« If you only give partial responsibility you will only get partial results.*
*The main object is not so much saving the Scoutmaster trouble as to give*
*responsibility to the boy, since this is the very best of all means*
*for developing character.* »[18]

D'**Virbereedung op d'Verspriechen** ass e Moment, wou den Eenzele sech sengem Alter entspriechend:

- iwwer d'Orientatioun vu sengem Liewe Gedanke mécht,
- iwwerleet, wéi een am Grupp als Zeie matwierkt,
- sech als fräie Mënsch 'entwërft' an definéiert, wat een u sech schaffe wëll,

... fir sech kënnen ze engagéieren.

Diskussiounspabeier

[15] Baden-Powell (1919), Aids to Scoutmaster, London, S. 21
[16] « Faire son devoir, pour un scout, consiste à se demander sans cesse: Qu'est-ce qui vaut le mieux pour mon prochain? » Baden-Powell, Eclaireurs, S. 35
[17] Baden-Powell (1948), Pfadfinderführer, Zürich, S. 38
[18] Baden-Powell (1919), Aids to Scoutmaster, London, S.22

Den **Akt vum Verspriechen** an d'**Engagement** sinn e pädagogescht Mëttel, fir datt d'Kand oder de Jugendlechen dem Alter entspriechend léiert, wat et heescht:

- als Mënsch ze verspriechen,
- e Lien mat aneren ze knëppen,
- sech bewosst fir d'Liewen an engem Grupp mat bestëmmten Idealer z'entscheeden,
- iwwer säi Wee a Liewensstil nozedenken,
- Autonomie ze liewen,
- Verantwortung an enger konkreter Gemeinschaft z'iwwerhuelen,
- oppen ze si fir Anerer a fir d'Liewen.

D'Versprieche setzt **eng konkret Gemeinschaft** viraus, déi versprécht, datt deen Eenzelen:

- eng Hëllef kritt säi Wee ze fannen a Sënnfroen ze stellen,
- Vertrauen entgéintbruecht kritt,
- Aktivitéiten an Erfarunge mécht, déi e weiderbréngen a wou e seng Fähegkeete kann entdecken,
- gutt Frënn fënnt, wou et zu flotten a wichtege Gespréicher kënnt, déi hien als Jugendlechen op sengem Wee weiderbréngen,
- e participative Geescht erlieft,
- Cheftainen a Chef wéi och Kollegen begéint, déi Zäit hun, fir op hien ze lauschteren (Baden Powell: 'ask the boy, the girl'),
- däerf Feeler maachen a versoen.

D'Versprieche braucht eng **seriéis Virbereedungsphase**, wou déi Jonk mat Hëllef vun de Cheftainen a Cheffen iwwer hire Verspriechenstext nodenken. D'Versprieche selwer fënnt an engem **Kader** statt, deen der biographescher, pädagogescher a spiritueller Importenz vun dësem *Akt* Rechnung dréit. Et soll en *einfachen awer prägnante* Moment, en „Erliefnis" sinn.

## 5 Zu gudder Lescht

Am Versprieche bei den LGS verbanne sech **Idealer** (Ethik, Spiritualitéit / Reliéis Wäerter, Politik) mat **Aktioun** (Engagement) an der Geschicht a bewosst geliefter **Relatioun** zum anere Mënsch, zur Welt an zur Geheimnishaftegkeet vum Liewen, déi Relioune mam Wuert 'Gott', mat ënnerschiddlechen Akzenter, bezeechnen.

Aarbechtsgrupp Verspriechen

Diskussiounspabeier